N°2278
Entrée le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/04/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung, Kanner a Jugend & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

Persounen oder Familljen, déi aus de verschiddenste Grënn keng eege Kanner kënnen oder wëllen hunn, wëll dowéinst ee Kand aus dem Ausland adoptéieren. Dëst ass ee laangen a schwierege Prozess, dee mat villen Hürde verbonnen ass. An de leschte Jore goufen et zudeem och bedeitend Ännerungen am Beräich vun den internationalen Adoptiounen. Eng Organisatioun, déi an dësem Beräich aktiv ass, huet follgend Feststellung gemaach: "Ces dernières années des efforts considérables ont été entrepris dans la plupart des pays d'origine afin de respecter ce principe de subsidiarité. Nous constatons la mise en place de politiques familiales favorables au développement de l'adoption nationale. Tout naturellement, les enfants jeunes et en bonne santé sont adoptés prioritairement par les ressortissants de ces pays. Il en résulte non seulement, une diminution du nombre d'enfants proposés à l'adoption internationale, mais aussi une modification du profil de ces enfants."

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi huet sech d'Zuel vun internationalen Adoptiounen zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer entwéckelt?

2. Kann d'Regierung d'Observatioun bestätegen, datt de Profil vun de Kanner, déi fir international Adoptiounen a Fro kommen, sech verännert huet? Falls jo, ëm wéi eng spezifesch Ännerungen handelt et sech?

3. Wéi eng Moossname plangt d'Regierung, fir Lëtzebuerger Familljen ze ënnerstëtzen, déi Kanner mat spezielle Bedürfnisser adoptéiere wëllen?

4. Wéi steet d'Regierung zu der Entwécklung vum Prinzip vun der Subsidiaritéit an den Hierkonftslänner a wéi eng Konsequenzen huet dat fir eisen nationale gesetzlechen a reglementaire Kader?

5. Gëtt et Bestriewungen op EU-Niveau oder international, fir d'Adoptiounsprozeduren un dës nei Realitéit unzepassen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

www.piraten.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2278 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. **Wéi huet sech d'Zuel vun internationalen Adoptiounen zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer entwéckelt?**

An de leschte fënnef Joer huet sech d'Zuel vun internationalen Adoptiounen zu Lëtzebuerg follgendermoossen entwéckelt:

| ***Joer*** | ***Unzuel vun aus dem Ausland adoptéierte Kanner*** |
|---|---|
| 2018 | 18 |
| 2019 | 11 |
| 2020 | 8 |
| 2021 | 9 |
| 2022 | 10 |
| 2023 | 19 |
| 2024 | 11 |

2. **Kann d'Regierung d'Observatioun bestätegen, datt de Profil vun de Kanner, déi fir international Adoptiounen a Fro kommen, sech verännert huet? Falls jo, ëm wéi eng spezifesch Ännerungen handelt et sech?**

Et ass allgemeng esou, datt weltwäit d'Zuel vun den Adoptivkanner, déi e spezifesche Besoin hunn an déi an d'Ausland placéiert ginn, an d'Luucht geet. Ee vun de Grënn ass de Subsidiaritéitsprinzip. Et ass allerdéngs net méiglech, e Profile type opzestellen, all Kand ass aneschters.

D'Eltere ginn dorobber virbereet, datt och Eltere fir Kanner mat spezifesche Besoine gesicht ginn; si hunn allerdéngs d'Méiglechkeet ze soen, wat hir Limitten sinn, wat de Gesondheets- an Entwécklungszoustand vum Kand ugeet. All Eltere mussen oppe si fir e Kand, wat an der sougenannter „normalité adoptive" ass. Dat heescht, datt si sech mussen drop astellen, datt d'Kanner bis zu dräi Joer al kënne sinn an datt si och eventuell e klengen Entwécklungsréckstand, oder kleng medezinesch Problemer par rapport zu engem Kand vum selwechten Alter, wat a senger Famill opwuesse konnt, kënnen hunn.

Déi Kanner, déi wärend der Pandemie op Lëtzebuerg koumen, waren zum Deel méi al. Och e Kand, wat méi al ass, gëtt als Kand mat spezifesche Besoine vermëttelt, doduerjer datt d'Prozedur einfach méi laang gedauert huet. An Tëschenzäit ass dëst net méi de Fall an d'Kanner sinn erëm méi jonk, wann si zu Lëtzebuerg ukommen.

3. **Wéi eng Moossname plangt d'Regierung, fir Lëtzebuerger Familljen ze ënnerstëtzen, déi Kanner mat spezielle Bedürfnisser adoptéiere wëllen?**

Déi zukünfteg Eltere ginn aktuell schonns duerch e Virbereedungszyklus, an deem vun Ufank un iwwer de Profil vun de Kanner geschwat gëtt. No generellen Informatiounsseancë ginn déi Leit, déi un enger

Adoptioun interesséiert sinn a Sensibiliséierungsversammlungen (véier Seancë vu jee véier Stonnen), déi vun der *Maison de l'Adoption* vun dem *Lëtzebuerger Roude Kräiz* organiséiert ginn, agelueden.

An dëse Seancë ginn déi zukünfteg Eltere spezifesch op déi speziell Bedürfnisser virbereet, déi en Adoptivkand matbrénge kann. An enger vun dëse Seancë kréien déi zukünfteg Elteren Informatiounen iwwer d'Adoptioun vun engem Kand mat spezifesche Besoinen. Falls d'Kandidaten op dëse Wee goe wëllen, kënnen si un zousätzlechen, méi geziilte Sensibiliséierungsséancen deelhuelen, fir sech op dëse Projet virzebereeden.

Si kréien och Informatiounen, wéi een d'Erausfuerderungen, déi eng Adoptioun mat sech bréngt, kann ugoen. Ënnerstëtzung kréien d'Familljen natierlech och vun deem Adoptiounsorganismus, deen hir Adoptiounsprozedur encadréiert.

No der Adoptioun huet all Famill d'Méiglechkeet, u verschiddenen Ateliere vun der *Maison de l'Adoption* deelzehuelen oder eng individualiséiert Ënnerstëtzung ze froen, fir datt d'Integratioun vum Kand a seng nei Famill an de beschte Konditioune geschitt.

No der Adoptioun kritt d'Famill och Ënnerstetzung vum Adoptiounsorganismus.

Persounen, déi e Kand mat spezifesche Besoinen adoptéieren, hunn Urecht op déi selwecht Ënnerstëtzung an Accès zu de selwechte Servicer, wéi all aner Elteren, déi e Kand mat spezifesche Besoinen hunn. Fir Adoptivkanner mat spezifesche Besoine kënnen d'Adoptivfamillje sech deemno och un all aneren nationale Service wenden, dee spezialiséiert ass an der Prise en charge vu Kanner mat spezifesche Besoinen.

**4. Wéi steet d'Regierung zu der Entwécklung vum Prinzip vun der Subsidiaritéit an den Hierkonftslänner a wéi eng Konsequenzen huet dat fir eisen nationale gesetzlechen a reglementaire Kader?**

De Subsidiaritéitsprinzip ass agefouert ginn duerch d'Haager Konventioun vun 1993 iwwer d'international Adoptioun. Lëtzebuerg huet dës Konventioun duerch e Gesetz vum 14. Abrëll 2002 ëmgesat.

De Prinzip, datt d'international Adoptioun als lescht Méiglechkeet zeréckbehale gëtt fir e Kand, fir dat weder e Familljemember konnt fonnt ginn nach eng Famill a sengem Hierkonftsland, déi et kéint adoptéieren, ass am Sënn vun de Kanner an ass deemno net a Fro ze stellen. De Subsidiaritéitsprinzip huet en Impakt op d'Zuel vun de Kanner, déi eng international Adoptioun brauchen. Dëse Prinzip huet allerdéngs keen Afloss op eisen nationale gesetzlechen a reglementaire Kader.

**5. Gëtt et Bestriewungen op EU-Niveau oder international, fir d'Adoptiounsprozeduren un dës nei Realitéit unzepassen?**

De Subsidiaritéitsprinzip gëtt vun den Hierkonftslänner zanter Joren ugewannt. Dëse Prinzip soll et de Kanner erlaben, weider an hirem Hierkonftsland liewen ze kënnen. Et ass net virgesinn, de Subsidiaritéitsprinzip ofzeschafen.

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH